## Heefeg Froen

### Ass mäin eegent, privat Netzwierk sécher?

Jo! Den Trafic aus dem Freifunk-Netz ass komplett vum privaten Netz a senge Computeren getrennt.

### Ännert sech d'Vitesse vu mengem Uschloss?

Nee! Den Freifunk-Router notzt nëmmen een Deel vun der disponibeler Bandbreet. Du selwer bestëmms, wei vill s du fir d'Freifunk Netz wëlls zur Verfügung stellen.

### Wéi eng Käschte kommen op mech duer?

Dat hänkt vun der gréisst an dem Besoin vun ärem Établissement of. Zesummen kucken mir fir eng ideal an ugepassten Solutioun fir iech ze fannen. Op alle muss een just d'Routeren selwer bezuelen an een klengen Obulus fir den Entretien deen mir maachen.

## Weider Informatiounen

### Websäit:

Mir benotzen d'Infrastruktur vun den Lëtzebuerger Freifunker: freifunk.lu

### Kaart a Statistiken:

map.freifunk.lu
stats.freifunk.lu

### Email-Kontakt:

freifunk@c3l.lu

### Freifunker-Treffen:

All Méinden um 20:00 Auer treffen sech d'Freifunker am eegenen Hackerspace "ChaosStuff". Hei kann een diskutéieren, Router ariichten, Froe stellen a beäntweren. Méi op: www.chaosstuff.lu

### Bedreiwer:

Freifunk Lëtzebuerg gëtt vu Fräiwëllegen bedriwwen. D'Initiativ gëtt awer vun der Chaos Computer Club Lëtzebuerg A.S.B.L. betreit a geleet.

**Fräie WLAN elo!**

# Freifunk Lëtzebuerg freifunk.lu